ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Sektioun Stad Lëtzebuerg**

Madamm Lydie Polfer

Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg

Stadhaus Knuedler

L-2090 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. Mee 2022

Madamm Buergermeeschter,

Esou wéi den Artikel 9 vun eisem Gemengereglement dat virgesäit, géif ech dem Schäfferot gäre follgend Froen ënnerbreeden:

An engem Bréif vum 22. Abrëll gouf de Responsable vum Lëtzebuerger Biergerkollektiv matgedeelt, datt si hir Maniff, déi si den 8. Abrëll, ënnert dem Titel "Pour le libre choix médical" mat engem Cortège vun der Gare op d'Plëss ugemellt haten, "statesch op d'Paräisser Plaz" misste begrenzen. Doriwwer raus kruten d'Organisateure keng Begrënnung fir déi Decisioun an et goufen och soss keng Detailer matgedeelt, ausser, datt si sech fir alles Weideres un d'Groussherzoglech Police sollten adresséieren.

Duerfir géif ech vum Schäfferot gär wëssen:

1) Wien dréit d'Responsabilitéit vun däser eklatanter Aschränkung vum Demonstratiounsrecht? Op wéi enger legaler Basis gouf dës Decisioun geholl? Wéi eng Ofsprooch gouf et am Virfeld mam Policeministère?
2) Wéi eng eventuell technesch Bedenken hunn zu däser Decisioun bäigedroen, wuelwëssend, datt den Dag circa eng hallef Dose Polizisten op der Plaz waren, sou, datt am Virfeld wuel kaum en erhéichte Sécherheetsrisiko ugeholl ginn ass?
3) Et ass kee Geheimnis, datt bei däser Demonstratioun e politescht Uleies sollt virbruecht ginn, dat weder der Opfaassung vun de Stater Schäfferots- nach de Regierungsparteien entsprécht. Wéi wäit hu politesch Interessen eng Roll gespillt, fir dës Manifestatioun op enger bestëmmter Plaz um Bord vum Zentrum festzesetzen, wärend aner Maniffe fräi konnte stattfannen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Gemengerotsmember